N°4585
Entrée le 06.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Chamberpresident

Lëtzebuerg, den 5. August 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, géing mir Iech bieden dës parlamentaresch Fro un de Logementsminister an un d'Ministesch fir de Konsumenteschutz weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 23. Juli 2024 iwwert de bail à usage d'habitation, dat den 1. August 2024 a Kraaft getrueden ass, huet d'Reegele betreffend der Garantie locative moderniséiert. Nieft der Reduktioun vum maximale Montant vun dräi op zwee Méint Loyer huet de Gesetzgeber och eng Prozedur fir d'Restitutioun vun der Garantie locative mat präzise Fristen an enger Entschiedegung am Fall vun enger ongerechtfäerdegter Verspéidung agefouert.

An deem Kontext géife mir dem Här Logementsminister an der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz gär follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Reklamatiounen am Zesummenhang mat der Net-Restitutioun oder enger verspéiter Restitutioun vun der Garantie locative goufen zënter dem 1. August 2024 registréiert?
2. Leien Donnéeë vir, wéi laang et am Duerchschnëtt dauert, bis eng Garantie locative un de Locataire zeréckbezuelt gëtt?
3. Wéi vill Fäll si bekannt, an deenen déi gesetzlech Entschiedegung wéinst enger onberechtegter Verspéidung appliziéiert gouf?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell Reegelung an der Praxis genuch Schutz fir d'Locataire bitt?
5. Gesäit d'Regierung de Besoin, d'Prozedur fir d'Restitutioun vun der Garantie locative nach weider ze vereinfachen oder besser ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

Ben Streff
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu